ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 09/04/2024

Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 7.02.2024

Punkt 1: Presenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Lesch Luc	Quazzotti Luca (entschëllegt)	Syndicat d'initiative Tënten
Losch Gilles	Stocco Mauro (entschëllegt)	
Malherbe Louis		
Pesch Serge		
Quazzotti Luca		
Sedrani Catherine		
Stocco Mauro		
Vosman Joske		
Winandy Tom		
Wirtz Pascal		
Wirtz Pit		

Punkt 2: Grouss Botz

Fir dësen Punkt huet de Syndicat d'initiative Tënten un der Kommissiounssëtzung deel geholl. Esou ewéi an der leschter Sitzung beschwaat gouf d' Grouss Botz op den 23 Mäerz festgeluecht. D'Koll zu Brouch gouf heifir scho vun der Gemeng reservéiert. De Losch Gilles freet op der Gemeng no fir follgend Reklamm gemaach ze kréien:

- D' Veräiner uschreiwe per E-mail
- D'Grouss Botz op dem Internetsitt, op der App an op Facbook vun der Gemeng publizéieren
- Flyer un d'Haushalter verdeelen
- Eventuell e Flyer an d' Hausaufgabebichelchen vun de Schoulkanner leeen

De Winandy Tom freet beim Schäfferot no fir géint 13 Auer Follgendes fir ze iesse geliwwert ze kréien:

Helperknapp, 09/04/2024

- Ierzebulli mat Speck a Mettwurscht
- Spagetti Bolognese fir d' Kanner
- Kaffi mat engem Stéck Taart
- Gedrénks

De Lesch Luc bréngt den Dag vun der Grousser Botz de Minibus vun der Gemeng mat fir eventuell verschidde Gruppen op den Ausgangspunkt vun hirem Tour ze feieren.

Duerno goufe 15 Strecke festgeluecht déi de Gro vum dem Gemengegebitt ofdecken. Des Strecke sinn ënnert follgendem Link ze fannen: http://g-o.lu/3/iqKl .

Punkt 2: Validatioun vum Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 17.01.2024

De Rapport vun der Komissiounssëtzung vum 17.01.2024 gouf unanime ugeholl.

Punkt 3: Naturpakt-Team

Op Ufro vum Schäfferot gouf d' Kommissiounn gefrot fir 3 Memberen aus der Kommissioun ze benenne fir am Naturpakt-Team matzeschaffen. D'Naturpakt-Team kennt 6 Mol am Joer zesumme fir an engem 7 Käppege-Staf aus Gemengepersonal, Memberen aus der Ëmweltkommissioun der Naturpaktberoderin Maryse Leiner an dem Naturpaktschäffen Emile Splicks um Naturpakt ze schaffen.

Et hunn sech de Lesch Luc, de Marherbe Louis a Sedrani Catherine gemellt fir an d' Naturpakt-Team. Sie goufen unanime vun der Kommissioun fir des Aufgab ugeholl.

Fir déi 3 Membere wier et vu Virdeel wann déi 6 Sitzungen Ufanks vum Joers géifen festgeluecht gin, sou dass Si sech fréizäiteg kennen organiséiere fir kennen un de Sitzungen deelzehuelen.

Punkt 5: Verschiddenes

Déi nächst Kommissiounssitzung ass de 10 Abrëll um 19.00 Auer an der Koll zu Brouch.